



En Donneschdeg, de 13. Februar 2025, war ëm 13:30 Auer déi lescht Gemengerotssitzung. De Conseiller Carlo Mulbach war entschëllegt, während de Conseiller Loïc Brune eréischt no der Hallschent vun der Sitzung opgetaucht ass.

## 1. **Pacte Climat - Informations générales**

Hei giong et drëms datt verschidde Gemengen, déi beim Pacte Klima matgemaach hunn, bewäert gi mat engem Prozentsaz. Et sinn 100 Gemengen déi berechtigt ware matzemaachen.

D’Gemeng Bissen fält mat 62,5% an d’Bewäertungskategorie 65% mat nach anere 26 Gemengen. Doduerch kritt d’Gemeng Bissen Fördergelder vun 114.000 Euro

Bei dëser Bewäertung gouf ënner anerem de Stroum- a Waasserverbrauch vun de Ménagen an awer och vun de Professionellen an den ëffentleche Gebaier gekuckt.

D’Stroumproduktioun gouf zousätzlech gekuckt duerch d’Photovoltaikanlagen op den Haiser.

Bei dëser Bewäertung kouw eraus, datt de Stroum- a Waasserverbrauch bei der Crèche a Maison Relais relativ héich ass. Zil ass et elo, dëse Verbrauch erofzesetzen duerch eventuell Sanéiere vun dëse Gebaier.

## 2. **Décision de classer comme monument national**

Dat ablécklech Gemengenhaus op 3 rue de Moulins soll als nationalen Denkmal klasséiert ginn. Dës Decisioun gëtt ënnert anerem folgendermoosse begrënn:

*“Um 1900 wurde das Gebäude als herrschaftliches Wohnhaus des Arztes Jean-Pierre Ecker errichtet. (...) Mitte des 20. Jahrhunderts wurde die Gemeinde Bissen Eigentümer der Villa Ecker, in den frühen 1980er Jahren wurde der Sitz der Gemeindeverwaltung dorthin verlegt. In den 1980er, den 1990er und den 2000er Jahren erfuhr das Gebäude bauliche Veränderungen. Das zweieinhalb geschossige Gebäude mit schiefergedecktem Mansardwalmdach ist in reicher historischer Formensprache gestaltet. (...) Die prägnante Hauptfassade ist mit rustiziertem Sockelgeschoss, Mittelrisalit, Lisenen aus roten Sandsteinquadern sowie Friesen und Laibungen aus Sandstein gestaltet. Das prägende Baumaterial der Fassadengestaltung ist der lokale rote Sandstein, möglicherweise aus den naheliegenden Merziger Steinbrüchen. Zur Eingangstür in der rechten Achse des Mittelrisalits führt eine Freitreppe mit sieben Stufen über ein Podest mit einer niedrigen Brüstung aus rotem Sandstein, daneben befindet sich ein hochrechteckiges Fenster. (...)*

*Im Innenraum ist trotz der Umnutzung ein bedeutender Teil der bauzeitlichen Raumstruktur des Wohnhauses erhalten. (...) Die Erdgeschossräume besitzen, bis auf einen Raum, noch ihre ornamentieren Stuckdecken.”*

### **3. Allocation d'un subside extraordinaire**

D'Gemeng ënnerstëtzt d'asbl Wonschkutsch mat engem extraordinäre Subsid vu 500 Euro fir de Kaf vun engem Gefier.

### **4. Approbation de plusieurs devis**

- a) D'Gemeng keeft verschidde Gefierer:
  - e Goupil fir 58.000 Euro;
  - e Mercedes Vito fir de Fierschterservice (63.000 Euro)
  - eng Camionnette fir de Waasserservice (86.000 Euro)
  - eng Camionnette fir de Service Bâtiments (86.000 Euro)
- b) Am Fernwärmereseau gi verschidde Ventiler fir am ganze 65.000 Euro ersat.
- c) Am Drénkwaassereseau ginn dräi "regards" fir 140.000 Euro ofgebaut (an der Route de Boevange, an der Rue de Reckange an an der Route de Mersch). Doduerch kann op dëse Plaze keng Verschmutzung vum Drénkwaasser méi geschéien.
- d) Fir 170.000 Euro gëtt an der Sportshal en neie Vestiaire beim Turnsall, beim BeachVolleyBall-Terrain a bei Dëschtennissall amenagéiert.
- e) 190.000 Euro ginn an déi ëffentlech Stroossebeliichtung investéiert. Dovunner profitéieren d'Rue de Reckange, op der Haed an am Grënnchen.

### **5. Approbation de plusieurs règlements de circulation**

- Op der Héicht a fir de Bau vum künftege Gemengenatelier ass zënter dem 3. Februar d'Stroosseféierung an der ZAC Klengbuusbiërg méi enk.
- Op der Héicht vun der fréierer Tankstell am Brill (34-34b route de Colmar) gëtt eppes Neits gebaut. Während de Bauarbeiten ass zäitweis den Trottoir gespäert. Dofir gëtt an der Route de Colmar en zousätzleche provisoiresche Foussgängerstreifen ugeluecht.
- Vum 17. Mäerz bis 18. Abrëll 2025 gëtt d'Haaptkräizung um Rouscht provisoresh reamenagéiert. Dofir duerf een dann just mat maximal 30 km/h iwwer d'N7 fueren. D'Strooss fir op Kruuchte gëtt komplett gespäert an et kënn net méi vu Biessen lénks erof op der Kräizung. Hei soll och nach mam RGTR no Alternative gesicht ginn, fir de Bustrajet vun der ZAC eventuell op N7 ze verleeën.

### **6. Approbation de plusieurs contrats de travail**

Et goufe follgend Aarbechtsverträge ofgeschloss:

- a) mam Sportscoordinateur David Turpel (fänkt de 15. Februar 2025 un);
- b) mam Informatiker Carlo Sanitate (fänkt den 1. Abrëll 2025 un);
- c) mat der Madame Nicole Kreis, déi de 15. Februar 2025 fir ee Joer als Employée am Service technique aushëlleft.